N°3461
Entrée le 14.01.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.01.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14. Januar 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'delegéiert Madamm Minister fir Medien a Connectivitéit weiderzeleeden.

Fir de Joreswiessel 2025/26 hunn zu Lëtzebuerg e puer Experten hir Suergen iwwert den Zoustand vun der demokratescher Debatt ausgedréckt. Si stellen zum Beispill fest, datt Discoursen, déi polariséieren, zouhuelen an datt d'Desinformatioun en Impakt op déi sozial Kohäsioun huet. An engem *Tageblatt*-Artikel vum 09.01.2026 *("Bye-Bye 2025")* liest een: "*Die heutige Laissez-faire-Politik in Bezug auf Toleranz, insbesondere in west- und nordeuropäischen Ländern, könnte die Zukunft unserer liberalen Demokratien und damit die Zukunft unserer hart erkämpften Rechte und Freiheiten gefährden!*"

D'Experten ënnersträichen och d'Erausfuerderungen am Zesummenhang mat der Meenungsfräiheet an der Onofhängegkeet vun de Medie géintiwwer bestëmmten Aflëss oder antidemokratesche Beweegungen.

An dësem Kontext hätt ech follgend Froen un d'Regierung:

1. Huet d'Regierung Unhaltspunkten, datt et an der Lëtzebuerger Gesellschaft eng Entwécklung vu Selbstzensur gëtt, besonnesch an akademeschen, Medien- oder kulturelle Kreesser?
2. Wéi eng Moossname ginn aktuell getraff, fir sécherzestellen, datt Bierger, Fuerscher, Léierpersonal a Journalisten sech fräi, an ouni externen Drock, ausdrécke kënnen?
3. Wéi schätzt d'Regierung d'Bedeitung vun enger staarker, onofhängeger ëffentlecher Medielandschaft fir déi demokratesch Stabilitéit vu Lëtzebuerg an?
4. Wéi eng Schutzmechanisme ginn et aktuell, fir déi redaktionell Onofhängegkeet vun de Medien ze garantéieren?
5. Wéi garantéiert d'Regierung, datt d'Fuerschung vu Wëssenschaftler an Historiker zu Lëtzebuerg fräi vu politeschem oder ideologeschem Afloss bleift?

ADR – Groupe parlementaire 25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg Tel. : (+ 352) 463742

6. Ginn et Indicateuren dofir, datt Enseignanten oder Fuerscher sech ageschränkt oder ënner Drock gesat fillen, fir iwwer verschidden Themen net oppen ze diskutéieren?

Mat déiwem Respekt,

Dan Hardy
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

La Ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Médias et de la Connectivité

**Äntwert vun der delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, Elisabeth MARGUE, a vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude MEISCH, op d'parlamentaresch Fro n°3461 vum 14ten Januar 2026 vum honorablen Deputéierten Dan HARDY.**

1. **Huet d'Regierung Unhaltspunkten, datt et an der Lëtzebuerger Gesellschaft eng Entwécklung vu Selbstzensur gëtt, besonnesch an akademeschen, Medien - oder kulturelle Kreesser ? 6. Ginn et Indicateuren dofir, datt Enseignanten oder Fuerscher sech ageschränkt oder ënner Drock gesat fillen, fir iwwer verschidden Themen net oppen ze diskutéieren?**

D'Meenungs- a Pressefräiheet sinn zu Lëtzebuerg verfassungsrechtlech garantéiert. Den Artikel 23 vun der Lëtzebuerger Verfassung schützt ausdrécklech d'Fräiheet vun der Meenung an déi vun der Press an hält ausdrécklech fest, datt d'Zensur verbueden ass. Dëse konstitutionelle Kader schaaft kloer juristesch Sécherheeten, déi et de Biergerinnen a Bierger wéi och de professionnellen Acteuren erlaben, sech fräi auszedrécken.

Wat spezifesch de journalistesche Kontext betrëfft, kënne laut dem *Conseil de Presse* verschidde rezent Entwécklungen, z.B. wat verschidden abusiv Kloe viru Geriicht ugeet, bei eenzele Professioneller zu enger verstäerkter Sensibiliséierung an heiansdo och zu méi grousser Virsiicht an der Berichterstattung féieren. Allgemeng ginn et awer keng Unhaltspunkten, déi aktuell op iergendeng systematesch oder strukturéiert Form vu Selbstzensur schléisse loossen, oder déi déi fräi Ausübung vum Journalismus zu Lëtzebuerg géifen a Fro stellen.

2. **Wéi eng Moossname ginn aktuell getraff, fir sécherzestellen, datt Bierger, Fuerscher, Léierpersonal a Journalisten sech fräi, an ouni externen Drock, ausdrécke kënnen?**

Fir sécherzestellen, datt Biergerinnen a Bierger, Fuerscher, Léierpersonal an Journalistinnen a Journaliste sech fräi an ouni externen Drock ausdrécke kënnen, stäipt sech d'Regierung op e kohärente legale wéi och institutionelle Kader.

Am Mediesecteur gëtt de professionnelle Journalismus geziilt ënnerstëtzt, notamment duerch d'Gesetz vum 30 Juli 2021 iwwert de régime d'aides en faveur du journalisme professionnel. Dëst Gesetz gesäit finanziell Hëllefen fir Medieverleeër vir, déi professionell Journalistinnen a Journalisten mat engem contrat à durée indéterminée (CDI) beschäftegen. D'Zil dovunner ass, de Mediepluralismus, d'redaktionell Onofhängegkeet an d'laangfristeg Stabilitéit vun der journalistescher Aarbecht zu Lëtzebuerg ze garantéieren. An deem Sënn definéiert d'Gesetz och keng weider zousätzlech Krittären, fir datt d'Press esou fräi wéi méiglech schaffe kann. Déi berufflech Deontologie vun de Journalistinnen a Journalisten ze iwwerpréiwen, fällt dofir eleng an d'Kompetenz vum Presserot.

Dat modifizéiert Gesetz vum 8. Juni 2004 iwwert d'Liberté d'expression an de Medien definéiert ausserdeem d'Rechter vun de Journalisten. Den Droit de réponse erlaabt et dann de Bierger, déi an enger Publicatioun erwäänt sinn, ze reagéieren an dës Stellungnam och publizéiert ze kréien.

Zousätzlech dréit och d'Existenz vun onofhängegen Institutiounen an Autoritéiten, wéi de *Conseil de Presse* an der ALIA, dozou bäi, e Klima an en transparente Kader ze férderen, an deem eng fräi Meenungsäusserung méiglech ass.

Am Januar 2026 gouf e Projet de loi vum Justizministère deposéiert, mat deem déi sougenannt Anti-SLAPP-EU-Direktiv an d'nationaalt Recht transposéiert gëtt. Dës huet zum Zil, Persounen, déi um ëffentlechen Debat deelhuelen, géint offensichtlech onbegrënnte Rechtskloen oder juristesch Prozeduren, déi mëssbraucht ginn, ze schützen. Fir d'Veréffentlechung vun Informatiounen zu engem Thema vum ëffentlechen Interessi zäitlech erauszezéien oder souguer ze verhënneren, oder fir Participanten um ëffentlechen Debat wéinst der Publikatioun vun esou Informatiounen ze bestrofen, initiéieren nämlech d'Auteure vu sougenannte poursuites-bâillons laangwiereg, deier an heiansdo och multiple juristesch Prozeduren géint déi betraffe Persounen. Dofir gesäit de Projet de loi eng Rei vu prozedurale Garantien a korrektive Moossnamen vir, fir de Schutz vun de Participanten um ëffentlechen Debat géint esou abusive juristesch Prozeduren am Kontext vu Froen zivil- oder handelsrechtlecher Natur ze stäerken.

3. **Wéi schätzt d'Regierung d'Bedeitung vun enger staarker, onofhängeger ëffentlecher Medielandschaft fir déi demokratesch Stabilitéit vu Lëtzebuerg an?**

D'Regierung moosst enger staarker, onofhängeger a pluralistescher Medielandschaft eng essentiell Bedeitung fir d'demokratesch Stabilitéit vu Lëtzebuerg bäi.

Eng Demokratie funktionéiert nëmmen dann, wann d'Medien – an hir professionell Journalistinnen a Journalisten – hir Roll als kritesch a responsabel Begleeder vum politeschen, wirtschaftlechen a gesellschaftleche Liewen fräi an ouni Drock ausübe kënnen – natierlech gëllt och als Viraussetzung, datt dëst am Respekt vun de fundamentalen an deontologesche Prinzipien vun hirem Beruff geschitt.

Fräi an onofhängeg Medien droen zur Transparenz, zur Meenungsvielfalt an zu engem informéierte Biergerdialog bäi a stellen domat eng wichteg Stäip vun der demokratescher Rechtsstaatlechkeet duer.

Dofir gëtt dës wichteg Roll vun der Regierung net nëmme voll unerkannt, mee och aktiv gefërdert.

4. **Wéi eng Schutzmechanisme ginn et aktuell, fir déi redaktionell Onofhängegkeet vun de Medien ze garantéieren?**

Fir d'redaktionell Onofhängegkeet vun de Medien ze garantéieren, besteet zu Lëtzebuerg e laangjäregen a bewäerte Schutzmechanismus. D'Gesetz vum 30. Juli 2021 iwwert de régime d'aides en faveur du journalisme professionnel gouf explizit mat deem Zil ausgeschafft, d'Onofhängegkeet vum Journalismus ze stäerken, wirtschaftlech Pressiounen ofzefiederen an de Mediepluralismus ze sécheren. Am Kader vun der Mediereform (Projet de loi 8625) soll och d'„liberté éditoriale" gesetzlech verankert ginn, wat eng weider wichteg Garantie fir déi redaktionell Fräiheet duerstellt.

Den Aide-à-la-Presse-System existéiert zu Lëtzebuerg zanter bal 50 Joer. Hien ass am Laf vun de Joren ëmmer nees un déi gesellschaftlech, technologesch a politesch Entwécklungen ugepasst ginn. Aktuell befënnt sech d'Gesetz vun 2021 an engem legislativen Iwweraarbechtungsprozess, deen och schonn an de zoustännege Chamberkommissioune diskutéiert gouf. Dat ënnersträicht de politesche Wëllen, de gesetzleche Kader kontinuéierlech un déi reell Besoine vum Mediesecteur unzepassen.

5. **Wéi garantéiert d'Regierung, datt d’Fuerschung vu Wëssenschaftler an Historiker zu Lëtzebuerg fräi vu politeschem oder ideologeschem Afloss bleift?**

Am Universitéitsgesetz vum 27. Juni 2018 (*loi modifiée du 27 juin 2018 ayant pour objet l’organisation de l’Université du Luxembourg*) ass am Artikel 19 explizitt de Prinzip vun der akademescher Fräiheet (*liberté académique*) verankert. Dëse Prinzip gëllt souwuel fir d’Fuerschungs- wéi och fir d’Enseignementsaktivitéite vum akademesche Personal vun der Universitéit Lëtzebuerg.

Lëtzebuerg, den 16. Februar 2026

Déi Delegéiert Ministesch beim Premierminister
fir Medien a Connectivitéit

(s.) Elisabeth MARGUE